

# Eng Klack fir eis Sprooch Nr. 307

## Eis Sprooch fir 'Ausländer'

Wann dir a Frankräich oder England git a kee Franséisch oder Englesch kënnst, da gitt dir schaufel drun... well déi allermeescht vun 'hinne' soss näischt drop hu wéi d'Sprooch vun do.

Kommen si bei äis, dann ass dat eng Saach, wéi si se soss néierens fannen. **Mir, quatsche' jo bal mat jidderengem egal a watfir enger Sprooch.** Dat ass natierlech kamoud, ower sou kritt eis Sprooch bei hinne keng Chance. Stellt iech emol sou eng Situatioun zu Berlin oder Manchester vir; do kommt dir op kee gréngen Hallem. Praxis ass nun en 'anereren Drot' sot de Michel Rodange. Mä et kënnst nach, besser: Sätzen eng Partie Leit bei enger Geleeënheet hei beieneen, an och nëmmen een Ausländer dobäi...da schalte mir d'meescht op deem seng Sprooch; **dat ass zwar manéierlech, ower eng sympatesch Katastrophelchen.** Fir äis brauch an Däitschland, Frankräich oder England keen de Sproochknäppchen ëmzedréinen. Dat kënnst jo souwisou net fir Lëtzebuergesch a Fro, mä e Fransous an Däitschland, oder ëmgedréint, dee gëtt iwweil drun...mir net. ☺

Dir kënnst elo vläicht äntweren, d'Lëtzebuergesch hätt an deene Situatiounen jo och näischt ze radetten; dat ka stëmmen, ower net hei am Land. Dräimol däerft dir roden, wien dann elo am Fong Pech bei all deene Geleeënheeten huet...mir net!

Natierlech läit d'Saach anescht, wann een duerno kuckt, ob den Ausländer just kuerz hei am Land ass, oder ob hien hei mat 'Kand a Kënn' wunnt a leeft. Dann ass et garantéiert **net dat Gielt vum Ee, wa mir hie systematesch an senger Sprooch urieden,** aplaz wéinstens e puer Wieder/Sätz Lëtzebuergesch mat him ze schwätzen.

Nach eng aner Iwwerleeung: Mir kennen alleguer deer 'enger' an deer 'anerer'; deer, déi 'wëllen' an deer, fir déi hei d'Sprooch vum Land jo nëmmen e fuddelegen 'Dialekt' ass. **Datt eis Sprooch zënter 40 Joer am Gesetz steet an haut an der Verfassung/Constitutioon, ass bei Ville leider net gewosst,** ower mengerwäreg kee schlecht Argument fir déi iwwerzeegen ze hëllef, déi net zevill rabbelkäppig sinn. Ass dat net de Fall, da muss een 'de Mupp nun emol lafe loossen'.

Eng Fro, déi bei auslännesche Leit nawell dacks erëmkënnst: ob et dann och eng Literatur a soss Geschriewent am Lëtzebuergesch gëtt? Do hu mir **an de leschte 50 Joer esou vill opweises, wéi een et ni gedreemt hätt,** anzwär an alle Formen: Mäerchebicher, Fabelen, Billergeschichten (iwwersatener an originaler), Iwwersetzunge vu bekannte Bicher aus dem Däitschen, Franséischen, Engleschen; reieweis Romane vun zolitter Qualitéit; net ze vergiessen: eist Chamberblidchen!. Dat huet ee knapps an engem anerem Idiom...fir emol net zevill héich gestelzt vun eiser klenger, waarmer Heemechtssprooch ze schwätzen; dat am Sënn vun deem, wat ee vun de weltbeschte Linguisten, de Claude Hagège, emol gesot huet: *Tout ce qui est parlé/écrit est un idiome, même quand on parle de langue.* Och dat ass gutt fir bei engem auslännesche Frënd ze ënnersträichen!

Denkt och emol driwwer no, watfir en 'Impakt' all déi 'kleng Saachen' hunn, déi mir haut bei Uertschafts- a Stroossennimm, kuerzen offiziellen Texter a Reklammen hunn...dat alles Elementer, déi och engem Ausländer an d'Gickelcher ginn...a wou vru 50 Joer keen dru geduecht huet...ower d'Actioun-Lëtzebuergesch zesoen ëmmer 'dohannert' war.

## Well dru geduecht

...wéi léif (diminutiv) a sproochlech dmeesch onverwiesselbar mir dacks mat klengen Déieren, Planzen oder Saachen ëmgin? Huelt emol e Jippelchen, e Mippchen, eng Miissi, eng Néngi, e Bickelchen, den Neelchen, e Pättchen, eng Kraiselchen, e Puppelchen, e Gielchen, eng Giedelchen, e Pätterchen asw. Ower da gëtt esou dacks gemengt, d'Lëtzebuergesch wier eng flappeg 'Baueresprooch' just gutt fir an de Stall. Mä dajee alt.



## Ower net esou

Wa mir an eiser Sprooch keen eegent Wuert fir en Ausdröck aus engem anerem Idiom hunn, dann ass et verständlech, datt mir dee vun do 'eriwwerhuelen'; am anere Fall däerft een e Féngerche gemaach kréien.

An der **WARTE vum WORT** geet dann z.B. **rieds vu morschem Holz** an deer Rubrik, déi mir do eng Woch iwweil d'anere kënnen mat Genossen liesen. Am Lëtzebuergesch 'vermusscht' Holz ower, ass dann och 'vermusscht', net 'vermodert' an net 'vermorscht'. An eiser Sprooch 'änelt' och näischt sech; et 'gläicht' dësem oder dem...ganz dovun ofgesin, datt **den Dehnungs-'h' fehlt, deen et am Däitschen**

**esou sëlliche gëtt, an dee solle mir da loossen, fir eis Kanner net geckeg ze maachen...** ower do gehéiert e bësse psychopädagogesch Gegrimmels/Gefill dozou, nedir.

An deemselwechten Artikel geeschtert ä.a. och nach e puermol den däitschen Ausdröck 'gemeinsam'; dee kënnen mir ower an de Paapeierkuerf geheien, well mir hu jo **zesummen/mateneen,** och wann de Sazbau doduerch en anere gëtt. **Ass dat dann nees fanatesch, puristes, oder wat?** Wéi ass et da mam engleschen *all/always*; a wéi mam franséischen *accord du participe passé*? Ëmmer nëmmen op déi Kleng, gellidir.



20, Conter-Strooss - L-5955 Izeg  
Tel. 47 06 12  
E-Mail: [actioun@letzebuergesch.lu](mailto:actioun@letzebuergesch.lu)  
[lexroth@pt.lu](mailto:lexroth@pt.lu)  
<http://www.actioun-letzebuergesch.lu>

Cotisation: 20 €

CCPL LU75 1111 0066 4448 0000  
BCEE LU52 0019 1000 7250 4000

Comité a Redaktioun:  
Eise Bureau: Claude Bache (President a Caissier),  
Patrick Kaell (Sekretär), Lex Roth (Vizepresident a Redakter)

\* Utilité publique N° F53 61

Nächst Klack (Nr. 308): Samschdes, den 1. Februar 2025

## Gedanken fir 2025:

An enger Zäit, wou eng Grujel an ee **Misär déi aner uechter d'Welt joen,** misst ee vläicht emol heinsdo drun denken, a watfir engem 'Schlarafia' mir hei liewen, materiell a fräiheetsméisseg. Dat ass an deene leschten 80 Joer ëmmer besser ginn, nodeem d'Nazien äis a 'Reichsbürger' verwandele wollten...**do war eis Sprooch nun emol eng Waff wéi mir keng aner haten!**

Haut, nodeem d'Lëtzebuergesch de Wee an d'Gesetz an d'Constitutioon vun eisem klenge Staat fonnt

huet, wier esou eng Ieselei wéi déi ominös 'Volksbefragung' vun 1941 net méi denkbar. **O, dat war guer net néideg mengt dësen oder deen...dee leider net wäit genuch no hannerzeg oder vijenzeg grimmelt.** Eng vun de Missiounen vun eiser ACTIOUN LËTZEBUGESCH ass genee d'Suerg, datt dee Verhalt ni verluer geet, zesumme mat eise Frënn vun der Linguistik op der UNI an de Kollege vum Zenter fir d'Lëtzebuergesch Sprooch! Op gutt Lëtzebuergesch: **Mir hale bäi!**

Mir wënschen  
alle Frënn fir  
dat neit Joer,  
wat si sech  
selwer gär  
dovun  
erwaarden!



## Resilienz?

Mir kenne jo alleguer Leit, déi **nun emol net kënnen schwätze...wéi d'Leit.** Si mëschen an engem Stéck 'feierlech' Ausdröck an hirt Gespreich, fir datt et 'besser' soll maachen. Si geheie mat franséischen an engleschen Ausdröck rondrëm sech, datt et nëmmen esou glënnert...d'meescht ass et och just dofir: **si wëlle gär dichteg a 'geléiert' wierken;** wat nach laang net heescht, datt si déi grouss Sproochen zerguttstert an der Schwätz oder Schreif drop hätten. ☺ Wien domat geplot ass, dee weist just, wéi richtig dat bekannt Spréchelchen ass: *Wer angibt hat's nötig.* Een esou en Ausdröck ass 'Resilienz/resilient', fir jo nëmmen net

einfach ze soen, et giff een eppes verdroen/erdroen/aushalen/packen/verstoen. Ok, et mécht ower alt emol gutt, nedir.

Natierlech ass et och net ëmmer egal, mat wem ee schwätzt; da passt een sech nawell gär un; mä mat franséischen, engleschen oder däitsche 'Knippercheswierder' dorëmmer puchen, heescht net ëmmer, datt ee méi 'dichteg' ass. Ee vun de séchere Virdeeler vun eiser klenger Sprooch ass hir Einfachheet fir komplizéiert Saachen 'auserneezedin'... an dëst lescht Wuert ass en typesch lëtzebuergesch Ausdröck, fir genee datt ze soe wat hei gemengt ass!

## Emol nach eng 'Schnok'

Déi muss net ëmmer lëschtég sinn,ower 'schnokeg-schneekeg', an enger taktischer Rumm, wa méiglech gereimt.

### Klimawandel, maja!

*Klimawandel guff et ëmmer,  
zënter datt eis Welt besteet;  
war scho besser, mä och schlimmer  
't kuckt net no äis wéi et geet.*

*D'Klima dréint sech mat de Stären,  
deer et jo Myriade ginn;  
ënnert deene mir dach gären  
nach net mol e Stëbskär sinn.*

*Galaxien, Mëllestroosse  
sinn e Kär am Stäresand;  
eise Kosmos-Universum  
geet héich iwweil all Verstand.*

*An deem Himmelsraum dréint alles  
ëm sech selwer an déi aner;  
bei deem ongeheiren Alles  
ass weessgott keen Duerchenaner.*

*Wien dat Megaongehiert,  
datt mir Weltall-Kosmos nennen,  
duerch d'onendlech Zäite steiert,  
muss een als allmächtig kennen.*

*Klimawandel huet seng Stauten,  
kuckt no näischt, och net no äis;  
Klima ass wéi d'Leit: dacks schauten;  
kennt keen einfacht Schwarz a Wäiss!*